

Gemengerot

11. Mäerz 2022

Present: De Buergermeeschter, Félix Eischen (CSV), d'Schäffen, Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseillere, Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Lucien Koch (CSV), Guy Kohlen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer (LSAP) an André Noesen (déi gréng); de Gemengesekretär, Marco Haas

Entschëllegt: /

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmege uegoll, mat Ausnam vun de Punkte 7, 8, 20, 22.2 an 22.3.

Geschlossene Sëtzung

1. SEA – Klassement vun engem Gemengenemployé an der Karriär B1

De Gemengerot huet d'Klassement vun engem Gemengenemployé an der Karriär B1 uegoll.

2. SEA – Ufro fir an d'Pensioun

Ueschléissend huet de Gemengerot enger Ufro fir an d'Pensioun zougestëmmt.

3. Gemeng Kielen – Kënnegung vun engem Gemengebeamten an der Karriär C1

D'Kënnegung vun engem Gemengebeamten an der Karriär C1 gouf vum Gemengerot uegoll.

Ëffentlech Sëtzung

Matdeelungen

De Félix Eischen (CSV) mécht déi ëffentlech Sëtzung op a gëtt d'Wuert un de Guy Kohlen (CSV). Dësen informéiert iwwer eng Ufro vum Office Social Commun vu Mamer. Duerch de stännege Wuesstem vun der Gemengebevölkerung an dat doräusser resultéierend Opstocke vu Personal, geet d'Plaz fir déi administrativ Servicer am fréiere Paschtoueschhaus zu Mamer, wat si säit 2010 besetzen, net méi duer. Duerch dat neit REVIS-Gesetz goufen 2 Poste fir Assisstantes Sociales créiert, et gouf 1 admi-

nistrativen Agent agestellt. Den Office Social Commun vu Mamer ass elo op der Sich no neie Lokalitéiten, wann déi bis fonnt sinn, gëtt eng proratiséiert Rechnung gemaach, fir déi nei Immobiliekäschten op d'Membergemenge gläichermoossen ze verdeelen.

De Lucien Koch (CSV) bericht iwwer de SICA. Duerch déi aktuell Situatioun an der Ukrain, hu si eng grouss Kleedersammelaktioun gestart a bei hinnen ass sou e Stock vu 7 Tonne Kleeder zesumme komm. Hier Iddi ass et, fir de Flüchtlingen, déi mat näischt hei an d'Land kommen, esou d'Kleeder zur Verfügung ze stellen, am Plaz d'Kleeder un déi Polnesch Grenz ze féieren. Iwwer 50 Leit hu benevole gehollef fir Kleeder ze zortéieren. Trotz der viller Hëllef schéngt d'ës awer eng längerwiereg Aktioun ze sinn, well all Dag nei Kleeder era kommen. De Lucien Koch seet jidderengem deen Hëllef e grouse Merci a sou och dem Larry Bonifas (déi gréng), dee sech spontan gemellt huet fir de Gros vun den administrativen Aarbechte vun dëser Aktioun ze iwwerhuelen. De SICA mécht dann en Appell un d'Gemenge ronderëm, dass si de Flüchtlinge kënnen mat op de Wee ginn, dass dës sech beim SICA kënnen zerwéiere kommen.

De Félix Eischen seet Merci a grouse Respekt fir den Asaz. Dës Aktioun war méi wéi néideg. Duerno informéiert de Félix Eischen iwwer d'Ënnerschrëftesammlung betreffend de Referendum, wou d'Leit kënnen iwwer d'Ännerung vun de Kapitelen I, II, III, V, VII, VIII, IX, X, XI an XII vun der Konstitutioun ofstëmme. Vum 1. bis de 25. Mäerz kënnen d'Bierger, an der Woch während den Öffnungszäiten a Samschdes vun 9:00 Auer bis 12.00 Auer op d'Gemeng komme fir do hier Ënnerschrëft ofzeginn.

Zum Schluss kënt de Félix Eischen op de Krich an der Ukrain zeréck, dee säit 14 Deeg am gaangen ass. D'Solidaritéit vun der Bevëlkerung ass gefuerdert an et weist sech, dass dës ganz grouss ass. D'Länner ginn elo mat enger Flüchtlingswell konfrontéiert, wéi säit dem

II. Weltkrich net méi. Hie seet dem SICA, sou wéi och dem JUKI, deen an Zesummenaarbecht mat der Apdik vu Kielen, Container mat Medikamenter an Hëllefsgidder, op déi Polnesch Grenz gefouert hunn, en enorme Merci a grouse Respekt fir hier Aarbecht. Hien informéiert, dass en Donneshdeg deen 2. Container fortgeschéckt gëtt an iwwer d'Bedelegung vun der Gemeng Stengefort un dëser Aktioun. De Spendenopruff hat no 2 Deeg schonn 20.000,- € erreicht, och e grouse Merci heifir. Des Weidere fiert den Autocars Demy Schandeler haut mat 2 Bussen a Polen fir Flüchtlinge siche ze goen. Op der Gemeng gëtt weiderhi gekuckt, wou divers Flüchtlinge kënnen ënnerbruecht ginn. De Centre Culturel zu Nospelt wier an enger 1. Phas eng Léisung fir Leit ze ëmfänken. Do sinn Duschen a Vestiaires, d'Gemeng huet Dëscher a Still an den Office National de l'Accueil (ONA) stellt Better an Trennwänn zur Verfügung. D'Gemeng kuckt elo fir wéi laang de Centre Culturel ka fräi gemaach ginn. Weiderhin hunn sech Leit op der Gemeng gemellt, fir Flüchtlingen opzehuelen, dës musse mir un d'ONA weider verweisen, déi sech dann ëm alles këmmere, fir och alles ze zentraliséieren.

4. Stellungnam vum Gemengerot bezüglech der Aktueller Situatioun an der Ukrain

De Gemengerot bezitt offiziell Stellung a verurteilt déi russesch militäresch Aggressioun géint d'Ukrain, an der Mëssuechtung vum internationale Völkerrecht; si manifestéieren hier Solidaritéit andeems si den Ukrainesche Fändel virum Gemenghaus ophänken; si setzen en Inventaire op, mat de Méiglechkeete fir Persounen ze Logéieren a mellen dës bei der ONA; si ënnerstëtze mat all hire Moyenen d'ONG'en an aner Veräiner, déi de Flüchtlinge sur Place hëllef; si maachen en Appell un déi Russesch Federatioun fir hier Attacken ze stoppen an den Nationalen Territoire vun der Ukrain ze verlossen.

5. Tableau de préséance vum Gemengerot

Well de Guy Scholtes (LSAP) als Gemeengeconseiller demissionéiert huet an d' Claudine Meyer (LSAP) op dëse fräie Posten noogeréckelt ass, huet d' Reiefolleg vum Tableau de préséance vum Gemengerot geännert a gouf nei definéiert.

Kuckt den Tableau op der Säit 5, Punkt Nr. 5 vun der franséischer Versioun vum Gemengerot

6. Sëtzunge vum Gemengerot - Festleë vum de Raimlechkeeten

Doduerch dass d'Unzuel un Infektioune mam COVID-19-Virus ëmmer nach klëmmt, decidéiert de Gemengerot, datt d'Gemengerotssëtzunge bis den 31. Juli 2022 nach am Musekssall zu Kielen an der rue du Centre ofgehalde ginn.

7. Office Social Commun vu Mamer – Ersetze vun engem Member am Conseil d'Administration


Duerch d'Demission vum Claudine Meyer als Member vum OSCM, gouf de fräie Poste fir e neie Member ëffentlech ausgeschriwwen, op deen sech de Marc Mathékowitsch vu Kielen gemellt hat. Hien gouf mat 8 Jo-Stëmme an 3 Enthaltungen als neie Member vum OSCM vum Gemengerot genannt.

8. Zone d'Activités économiques à caractère régional dans la Région de l'Ouest du pays (ZARO) – Ersetze vun engem Gemengendelegierten

Duerch d'Demission vum Guy Scholtes als Gemeengeconseiller an op d'Propose hin vum Schäfferot, fir d'Madamm Claudine Meyer als Gemengendelegierten an den ZARO ze nennen, hunn d'Membere vum Gemengerot dëst mat 7 Jo-Stëmme an 3 Enthaltungen ugehall.

9. Gemeng Kielen – Créatioun vun engem Posten als Gemeengebeamten an der Karriär B1, fir de Besoin vum Service Technique

Duerch d'Kënnegung vun engem Gemeengebeamten am Service Technique,

 All Berichter kënnen op eiser Internetsite an der Rubrik „Mediathék“ nogekuckt ginn (www.kehlen.lu/mediatheque) oder scannt einfach de QR-Code



huet de Gemengerot der Créatioun vun engem Posten als Gemeengebeamten an der Karriär B1, fir de Service Technique, eestëmmege zougestëmmt.

10. Berodend Kommissiounen

10.1 Seniorekommissioun – Kënnegung vum Posten als Sekretär:

De Gemengerot huet d'Kënnegung vum Posten als Sekretär vun der Madamm Monique Biewers-Warny vu Kielen ugehall. D'Madamm Biewers-Warny bleift Member vun dëser Kommissioun.

10.2 Jugendkommissioun: Nominatioun vun engem Member

D'Madamm Sandrine Massard vu Keespelt, op Propositioun vun der CSV, an d'Madamm Manon Atten vun Ollem, op Propositioun vun der LSAP, goufe vum Gemengerot als Memberen noméiert.

10.3 Schoulkommissioun: Kënnegung vun engem Member

De Gemengerot huet der Madamm Maude Pauly hier Demission ugehall an de Schäfferot beoptraagt fir dee fräie Posten am Buet ze publizéieren.

11. Club Senior - Tripartite 2022

De Gemengerot geneemegt d'Konventioun betreffend dem Fonctionnement vum Club Senior Kielen, déi tëscht dem Ministère fir Famill an Integratioun, der Asbl Club Senior Kielen an dem Schäfferot fir d'Joer 2022 ënnerschriwwen gouf.

12. Conventions bipartites 2022 bezüglech dem Fonctionnement vun de Schoulservicer an dem Accueil fir d'Kanner an der Gemeng Kielen

D'Konventioun 2022 betreffend der Maison Relais-parascolaire zu Kielen

an der Maison Relais-Crèche zu Keespelt, déi de 17. Dezember 2021 tëscht dem Educatiouns-Ministère an dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen ënnerschriwwen goufen, goufe vum Gemengerot guttgeheescht.

13. Statute vun der Associatioun “Kanner an Familljehëllef ASBL”

De Gemengerot huet Kenntnis vun de Statute vun der Associatioun “Kanner an Familljehëllef ASBL” geholl.

14. Pachtvertrag

De Gemengerot huet de Pachtvertrag mam Här Charles Freymann vu Schëndels ugehall, fir en Deel vun enger Parzell mat der Nr. 213/2546 (Lous1) zu Keespelt, ze pachten.

15. Akten a Compromisen

Folgend Akten a Compromisen si vum Gemengerot ugehall ginn:

15.1 Den Tauschakt deen de 19/01/2022 vum Schäfferot an dem Här Edmond Emile HILGERT vu Kielen ënnerschriwwen gouf, fir den Tosch vun de Parzelle Nr. 2129/7390 vu 0,12 Ar, Nr. 2127/7391, vu 0,11 Ar a Nr. 2130/6334 vu 0,05 Ar, um Lieu-dit “Juddegaass” zu Kielen, géint d'Parzelle Nr. 2126/7382, vu 0,25 Ar an Nr. 2127/7389, vu 0,11 Ar, um Lieu-dit “Juddegaass”, dëst fir Emprisen ze regulariséieren, déi duerch d'Erneuerung vun der Juddegaass zu Kielen entstanen sinn, gouf vum Gemengerot ugehall.

15.2 De Gemengerot huet den Tauschakt, deen de 17/12/2021 vum Schäfferot an dem Här Edmond Emile HILGERT vu Kielen ënnerschriwwen gouf, ugehall. Dëst fir den Tosch vun der Par-

zell Nr. 1727/2710 vu 100,70 Ar, um Lieu-dit "Juckelsbuesch" zu Mamer, géint d'Parzelle Nr. 1379/6846, vu 60,33 Ar um Lieu-dit "Zentestall" zu Kielen, a Nr. 162/2412 vun 3,75 Ar, um Lieu-dit "Tirpelt" zu Ollem, fir engersäits d'Biogasanlag ze amenagéieren an d'Emprise zu Ollem gouf an den CR103 tëscht Kielen an Ollem incorporéiert.

- 15.3 Den Akt deen den 28/01/2022 tëscht dem Schäfferot an der Koppel Quiring-Molitor vu Lëtzebuerg, ënnerschriwwen gouf, fir de Kaf vun der Parzell Nr. 1699/7263 vu 0,40 Ar um Lieu-dit "Auf Eichebeichel" zu Kielen, gouf vum Gemengerot ugeholl. Dëse Kaf ass an der utilité publique gemaach ginn, am Kader vum Amenagement vun engem Chemin à mobilité douce fir Foussgänger, laanscht den CR103, an der Verlängerung vun der Koppleschterstrooss zu Kielen.
- 15.4 De Compromis deen den 22/11/2021, tëscht de Bridder Fernand a Roger Raymond Hilgert an dem Schäfferot bezüglech der Parzell Nr. 2277/5845, um Lieu-dit "rue Brameschhof" zu Kielen, ënnerschriwwen gouf, gouf vum Gemengerot ugeholl. Mat dësem Compromis keeft d'Gemeng Kielen déi besote Parzell fir den Amenagement vun der rue Brameschhof zu Kielen.
- 15.5 De Compromis deen de 05/01/2022, tëscht der Sociétéit Casa Pro Concept Sàrl an dem Schäfferot bezüglech der Parzell Nr. 9/2837 vu 0,13 Ar, um Lieu-dit "rue de Capellen" zu Ollem, ënnerschriwwen gouf, gouf vum Gemengerot ugeholl. Mat dësem Compromis verkeeft d'Gemeng dës Parzell a sou gëtt eng Emprise regulariséiert, déi duerch de reamenagement vun der Rue de Capellen zu Ollem entstanen ass.
- 15.6 De Gemengerot huet de Compromis, deen den 21/02/2022 tëscht dem Schäfferot an der

Firma Baumeister-Haus SA ënnerschriwwen gouf, ugeholl. Mat dësem Kaf vun der Parzell Nr. 2140/5842 vun 1,28 Ar um lieu-dit "Juddegaass" zu Kielen, gëtt nach eng Emprise regulariséiert, déi duerch de Reamenagement vun der Juddegaass entstanen ass.

16. Deklaratioun bezüglech der Ierfschaft vum Här Josef Hoffelt

De Gemengerot huet d'Deklaratioun bezüglech der Ierfschaft vum Här Josef Hoffelt, mat all de Verpflichtungen, ugeholl. Heibäi krit d'Gemeng en Haus op 14, Grand-Rue, zu Nouspelt, sou wéi d'Parzell Nr. 176 vun 2,15 Ar, um Lieu-dit "rue de l'Ecole", verierft.

17. Ëmklässiere vun enger Parzell zu Kielen

Nodeems am Kader vun der Enquête publique keng Reklamatiounen erauskomm sinn, decidéiert de Gemengerot fir d'Parzell Nr. 799/7438 vu 0,08 Ar, um Lieu-dit "A Bäichel" zu Kielen, déi am Besëtz vun der Gemeng ass an tëscht privatem Terrain an der Strooss läit, ëmzeklässieren, fir se kënnen ze verkafen.

18. Ännerung vum Präis vun den Emprisen

Der Proposition vum Schäfferot, fir de Präis pro Ar, vun den Emprisen, unzepassen, huet de Gemengerot zugestëmmt. Déi nei Präisser si folgend :

- a) A l'intérieur du périmètre de construction : 1.000,00 Euros / are
- b) A l'intérieur de la zone industrielle : 750,00 Euros / are
- c) Emprisen dans la zone rurale (Verte) : 500,00 Euros / are

19. Ännerung vum Kaf- a Verkaufspräis vun den Terrainen am Bauperimeter

Der Proposition vum Schäfferot, fir de Präis pro Ar, vun den Terrainen, déi am Bauperimeter leien, op 50.000,- € ze héijen, huet de Gemengerot zugestëmmt. Bei dëse Parzellen handelt et sech oft em Stécker vun Terrainen

déi tëscht dem Domaine public, der Strooss, an de privat Propriétéite leien.

20. Neit Bautereglement

De Gemengerot huet dat neit Bautereglement mat 9 Jo-Stëmme an 2 Géigestëmme (déi gréng) ugeholl. Mat dësem neie Bautereglement goufen d'Artikelen 20, 22, 36, 63 a 79 par Rapport zu der Versioun virdru geännert.

21. Zousazkredit bezüglech dem Apport fir Investisementer déi vum SIDERO (Syndicat intercommunal de dépollution des eaux résiduaires de l'ouest) gemaach ginn

Wéinst engem Feeler dee sech an de Budget 2022 ageschlocht hat, huet de Gemengerot een Zousazkredit fir den Apport fir Investisementer duerch de SIDERO gestëmmt. Dësen Zousazkredit gëtt an den Exercice vum Joer 2022 ageschriwwen.

22. Projeten an Devis

- 22.1 De Projet mat Devis a Pläng fir d'Mise en conformité vum Foussgängerwee an de Busarrëten op der route de Luxembourg (N12) zu Dondel, dee vum Büro Schroeder&Associés ausgeschafft gouf, gouf vum Gemengerot fir de Montant vun 260.000,- Euro ugeholl.
- 22.2 Den Approbatiounsdoossier mat detailliertem Devis, Mémoire technique a Pläng, bezüglech der Verlängerung vum Parksträife laanscht d'rue de Capellen zu Ollem (CR103), fir de Montant vun 216.000,- Euro, gouf vum Gemengerot mat 9 Jo-Stëmme an 2 Enthaltungen (déi gréng) ugeholl.
- 22.3 Den Approbatiounsdoossier mat detailliertem Devis, Mémoire technique a Pläng, bezüglech der Verlängerung vum Trottoir op der Héisch vum Haus Nr 6, rue de Keispelt (CR102) zu Kielen, fir de Montant vun 80.000,- Euro, gouf vum Gemengerot mat 9 Jo-Stëmme an 2 Enthaltungen (déi gréng) ugeholl.

MATDEELUNG | COMMUNICATIONS

Avis au public | Öffentliche Mitteilung

- 22.4 De Projet mat détailléiertem Devis bezüglech dem Aménagement vu Spillplazen, fir e Montant vun 263.835,- Euro, gouf vum Gemengerot ugehall.
- 22.5 Den Approbatiounsdoossier, mat détailléiertem Devis a Pläng, bezüglech der Instandsetzung vum Feldwee "in der Simmesheck" zu Kielen, fir e Montant vu 36.000,- Euro, gouf vum Gemengerot ugehall.
- 22.6 De Projet mat détailléiertem Devis, bezüglech der Erneuerung an dem Reamenagement vun der Gemengestrooss (Caniveaux "Um Schaar"), gouf fir de Montant vu 34.749,- Euro vum Gemengerot ugehall.
- 22.7 Och de Projet mat détailléiertem Devis, bezüglech der Erneuerung an dem Reamenagement vun der Gemengestrooss (Parking Keespelt) gouf vum Gemengerot fir e Montant vun 33.637,50 Euro ugehall.

23. Verkéiersreglementer

De Gemengerot confirméiert dem Schäfferot seng 2 Drénglechkeetsreglementer fir de Verkéier an der Donderlerstrooss zu Nospelt an an der Keespelterstrooss zu Meespelt, ze reegelen.

24. Grafkonzessiounen 2021

Ofschléissend huet de Gemengerot d'Grafkonzessiounen vum Joer 2021, déi vum Schäfferot accordéiert goufen, ugehall.



Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Kehlen, en sa séance du 03 février 2022, numéro 21, a confirmé **sept règlements de circulation d'urgence** du collège échevinal datés du 17 décembre 2021, numéro 1, datés du 12 janvier 2022, numéros 2 et 4, datés du 19 janvier 2022, numéros 2,3,5 et 6. Ladite délibération a été approuvée par le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics en date du 16 février 2022 et par la Ministre de l'Intérieur le 08 mars 2022, référence 322/22/CR.

Es wird der Öffentlichkeit mitgeteilt, dass der Gemeinderat von Kehlen in seiner Sitzung vom 3. Februar 2022, Punkt 21, **sieben zeitlich begrenzte Verkehrsreglementierungen** des Schöffenrates vom 17. Dezember 2021, Punkt 1, vom 12. Januar 2022, Punkt 2 und 4, sowie vom 19. Januar 2022, Punkt 2,3,5, und 6, bestätigt hat. Besagter Beschluss wurde vom Ministerium für Mobilität und öffentliche Arbeiten am 16. Februar 2022, sowie vom Innenministerium am 08. März 2022, Referenz 322/22/CR, genehmigt.

Le texte des délibérations sont à la disposition du public à la maison communale à Kehlen où ils peuvent être consultés et/ou en être pris copie sans déplacement.

Die Texte besagter Beschlüsse liegen im Gemeindehaus zur Einsicht aus und man kann ohne weiteres eine Kopie anfragen.



 SMS2CITIZEN

Grâce à ce service, appelé sms2-citizen, les citoyens ont la possibilité de recevoir gratuitement des informations utiles (alertes en cas de danger, annonces & annulations d'événements et du conseil communal, problèmes sur le réseau de distribution d'électricité, de gaz ou d'eau potable) sur leur portable.

Inscrivez-vous sur [sms2citizen.lu](https://www.sms2citizen.lu)

Termine mobile Sammlung Dates de la collecte mobile



06.05. | 27.07.
15.11.2022

Keispelt-Meispelt,
vis-a-vis hall MUKEME
07h30 - 15h30

www.sdk.lu

@GemengKielen

Dir wëllt all d'Nouvelle vun der Gemeng Kielen kréien, dann abonéiert eis op Facebook!

